# 63EME CHAMPIONNAT DU MONDE DE PECHE POUR NATIONS
# 2016 BULGARIE, PLOVDIV,
# 12-19 September 2016



Tägliche News von Viviane Schmitt - 8. Bericht vum 18.09.2016

Viviane Schmitt

## Léif Fëscherkollegen

Éier et muer den moien um 4 Auer Richtung Heem geet, ass hei mäin leschten Bericht.

Eng ustrengend an awer flott Woch hei an Bulgarien geet elo dem Enn zou. Den 2. Duerchgang haut ass wesentlech besser gelaf wéi gëschter, ob jidder Fall fir déi meescht vun eis. Nodeem gëschter Owend nach vill diskutéiert ginn ass an jiddereen sech e bëssen vum éischten Schock erholl hat, si mir den moien mat neiem Élan an déi 2. Ronn gaang. Loosse mer direkt mat dem schlëmmsten ufänken an zwar mam B-Secteur wou haut den Fern souz an mat 408 grs deen leschten an sengem Secteur ginn ass. Dat ass him nach ni geschitt an ween hien kennt weess wéi grouss seng Enttäuschung war, besonnesch well de Rescht vun der Équipë sech ganz gutt aus der Affaire gezunn huet.



*En flott Équipe*

Am A-Secteur souz de Bill an huet mat 3.841 grs eng super 6 Platz gemaach, grad esou wéi den Fränck excellent 5 Punkten am C-Secteur mécht mat e puer Karauschen an bal 300 Sonnenpijen an 3.386 grs. Am D-Secteur souz den Pit, deen jo gëschter Reserve war an den Alain haut ersat huet. Der Aufgab huet hien sech haut als würdeg erwisen an huet super Leeschtung bruecht mat 7 Punkten an 3.405 grs an 11 Fësch.



*Den 1. Fësch berouegt*

Zu gudder Lescht den E-Secteur wou haut den Jérôme souz niewent dem Englänner Hemmingray. Hien huet sech dovun net aschüchteren gelooss an huet gutt geféscht an bis déi lescht Minutt gekämpft. Dat sollt dann och mat gudden 8 Punkten an 2.965 grs belount ginn. Gëschter hu mir mat 62 Punkten, an haut mat 43 Punkten ofgeschloss. Sou dass mir vun der 29. ob déi 24. Platz réckelen. Zefridden ass d' Équipë domat natierlech net awer wéi et esou schéin heescht: Nächst Joer,

nächst Chance Ech well ob dëser Platz och den Asaz vum Trainer John ernimmen an virun allem vum Roland, deen sech déi ganz Woch fir eis déi gréissten Méi gemaach huet an un allen Ecker an Enn gehollef huet sou gutt en nëmmen konnt. Ob dëser Platz och villmools MERCI un jiddereen deen d' Jongen finanziell, duerch en Sponsoring oder duerch en Don ob den Lëschten ënnerstëtzt huet. Dir all maacht et méiglech dass all Joer eng Équipë onst Land kann vertrieden.

Vun mir perséinlech en groussen MERCI un all déi Leit déi all Dag dësen Bericht gelies hunn an ons moralesch ënnerstëtzt hunn. Wéi den Neumanns René mir gesot huet dass all Dag iwwer 250 Leit dësen Bericht liesen war ech schonn e bëssen stolz.

Dem René hei en groussen MERCI fir seng Aarbecht.
Der Équipe wënschen ech nach eng gutt Heemrees

Viviane



*A gudder Gesellschaft*

*De Kirchbierger Sportfëscherveräin seet dem Viviane och e grousse Merci fir seng excellent Aarbecht, fir seng flott Berichter vun der WM aus Bulgarien, déi an 7 Deeg bal 1900 mol ugeklickt goufen.*


*Podium am Eenzel*


*De Podium par Équipe*